## DIR HUTT ENG FRO ODER BRAUCHT HËLLEF ?

**Kontaktéiert eisen Helpdesk:**

- per Telefon: (+352) 27 12 50 18 33
- per e-Mail: helpdesk@esante.lu
- per Online-Rendez-vous, iwwer *eHelpdesk*, eise virtuelle Schalter : helpdesk.esante.lu


AGENCE eSanté LUXEMBOURG

2-4, rue Eugène Ruppert / L-2453 Luxembourg
(+352) 27 12 50 18 1 / info@agence-esante.lu
**www.esante.lu**





# D'eSanté Servicer, fir de sécheren Austausch **vun Gesondheets-Donnéeën**

Fir d'medezinesch Betreiung a Koordinatioun vun Ärer Gesondheetsversuergung duerch d'Gesondheetsberuffler déi Iech behandelen, optimal ze gestalten


AGENCE eSanté LUXEMBOURG
Agence nationale
des informations partagées
dans le domaine de la santé

myDSP
Ma santé au cœur de nos échanges

## DOSSIER DE SOINS PARTAGÉ (DSP)

Gesécherten elektronesche Gesondheetsdossier deen déi wesentlech Gesondheetsdonnéeen regroupéiert an deen doduerch:

- den Austausch vun Donnéeën tëschent den autoriséierte Gesondheetsberuffler déi an Ärer Behandlung agebonne sinn, vereinfacht
- en direkten Zougang zu kritesche Patiente-Gesondheetsdaten erméiglecht
- eng besser koordinéiert Fleeg vum Patient férdert

**méi wéi 1 Millioun** oppen DSPen*

**iwwer 8,6 Millioune** Dokumenter an den DSPen

**méi wéi 695.000** DSPen déi op mannst een Dokument hunn

**iwwer 440.000** mol goufen d'DSPen am Laf vun 2022 konsultéiert

**méi wéi 68.000** permanent Zougangsrechter goufen vu Patienten un Gesondheetsberuffler accordéiert

**manner wéi 0,19%** Ufroe fir den DSP zouzemaachen

Carnet de Vaccination Electronique

An der Aféierung säit 2022

## CARNET DE VACCINATION ÉLECTRONIQUE (CVE)

Gëtt Iech :

- zu all Ament en Iwwerbléck op Är Impfungen
- personaliséiert Recommandatiounen
- Notifikatiounen fir Rappelle vun Impfungen

Gëtt gedeelt mat de Gesondheetsberuffler déi Iech betreien.

**méi wéi 15.000** oppe Carneten

**iwwer 63.000** enregistréiert Impfungen

**méi wéi 50%** vun de Kannerdoktere kruten eng CVE-Formatioun

## Är Gesondheetsdaten direkt bei Hand mat der myDSP Mobile App

Mam Erofluede vun der myDSP Mobile App, hutt Dir zu all Ament en Abléck op d'Gesondheetsdonnéeën an Ärem DSP (Labosresultater, Résumé patient, Imagerie médicale, etc...).
(QR-Coden hei ënnen)




## MASANTÉ@UE

Service fir den Austausch vu Gesondheetsdonnéeën ënnerhalb der EU, deen iwwer e sécherte Netzwierk d'National Contact Points fir d'eSanté mateneen verbënnt. Dëse Service :

- erméiglecht eng besser adaptéiert Betreiung wärend engem Openthalt am Ausland
- erméiglecht d'Deele vun Ärem Résumé Patient, deen Är wesentlech Gesondheetsinformatiounen enthält, mat engem Dokter am Ausland
- erlaabt den Transfert vun enger elektronescher Ordonnance un eng Apdikt an engem aneren europäesche Land

D'Zoustëmmung fir den grenziwwerschreidenden Austausch vu Gesondheetsdate muss am DSP (Configurateur de profil/ Droits d'accès) agedroe ginn.

**Fir d'eSanté Servicer benotzen ze kënnen, braucht Dir just Ären eSanté-Kont** mat der Mobile App oder direkt op eiser Websäit www.esante.lu **ze aktivéieren.**

Google Play

Apple Store

*D'Statistiken datéieren vum Februar 2023